# Mir bauen eng nei Crèche: eng Plaz fir ze wuessen, z'entdecken a sech z'entwéckelen



*Les images présentées sont des simulations non contractuelles et peuvent faire l'objet de modifications ultérieures.
*Déi gewisen Illustratioune sinn net kontraktuell a kënne sech nach änneren.

*Déi nei Crèche „Bei de Waldwiichtelcher" gëtt zu Béiwen-Atert gebaut, an dat direkt beim Bësch. Si ass fir bis zu 90 Kanner am Alter vun 0 bis 4 Joer ausgeluecht. Fir sou mann wie méiglech Impakt op säin natierlecht Ëmfeld ze hunn, gëtt d'Gebai liicht ënnert dem Niveau vun der Strooss implantéiert a passt sech esou harmonesch un d'Form vum Terrain un. D'Crèche ass bewosst niddereg konzipéiert gi fir der Perspektive vun eise klenge Gäscht gerecht ze ginn, a wäert sech duerch vill Gréngs perfekt an d'Alentouren integréieren.*

***Entdecken, spillen, erliewen***

*An dëser Crèche fannen d'Kanner eng Plaz, wou si fräi spillen, lafen, entdecken an sech och zréckzéie kënnen. Grouss Fënstere verbannen de Banneraum mat der Natur a bidden en direkte Bléck op de Bësch, wat gläichzäiteg e Gefill vu Fräiheet a Sécherheet vermëttele soll. D'Raimlechkeete sinn esou geplangt, datt kuerz Weeër a zentral Zonen den Alldag roueg, kloer strukturéiert an organiséiert halen.*

*All Grupp verfüügt iwwer e grousse Grupperaum an en eegene Schlofraum. Zousätzlech sinn d'Grupperaim visuell matenee verbonnen, sou datt d'Kanner Sécherheet erliewen, wärend d'Equipe vun de Betreierinnen a Betreier den Iwwerbléck behält. Déi oppen an hell Raumstruktur fërdert Spillfreed, Konzentratioun a Kreativitéit.*

***Wuelbefannen a gesonde Liewensraum***

*Am Gebai ginn natierlech Materialie benotzt: siichtbar, hell gehale Betonsflächen wiesselen sech matt Holzflächen souwuel op de Mauere wei och un de Plaffongen of. Fir déi Klengst, déi nach krabbelen, ass ekologesche Buedembelag virgesinn. Fir eng gutt Akustik ze garantéiere, gi Filzflächen integréiert.*

*D'Gebai ass barrièrefräi geplangt a garantéiert iwwerall en einfachen Zougang. E wichtege Bestanddeel vum Alldag ass natierlech d'Iessen: an der professioneller Kiche gëtt all Dag frësch gekacht, mat engem Fokus op gesond, regional an nohalteg Ernärung - als festen Deel vum pädagogesche Konzept.*

***Pädagogik duerch Natur, Sproochebewosstsinn a Beweegung***

*Well de Bësch eisen direkten Noper ass, gëtt en aktiv an den Alldag vun de Kanner integréiert. Si erliewe Beweegung esouwuel banne wei baussen an entdecken d'Natur am Spill. Déi verschidde Sprooche sinn en natierlechen Deel vun hirem Alldag, et geet dobäi virun allem ëm eng éischt Sensibiliséierung, déi am deegleche Mateneen duerch Gespréicher, Lidder a Spiller erlieft gëtt, als eng douce a positiv Ouverture géintiwwer der sproochlecher Villfalt. D'Kanner kréien zousätzlech och Zäit fir Rou, Fantasie an individuell Entwécklung, fir an engem sécheren a stimuléierendem Kader an hirem eegene Rhythmus kënnen ze wuessen.*

*D'Fräiraim déngen als natierlech Extensioun vum Interieur, mat Spillstrukturen, Sandkëschten a rouegen Ecker. E besonneschen Highlight ass de Beweegungsraum, deen sech iwwer zwou Etagen erstreckt. Mat senge Kloterelementer, Rutschen, Schaukelen a verschiddene Spillecker bitt en de Kanner vill Méiglechkeeten, sech auszetoben a garantéiert vill Laachen a Freed.*

***Plaz fir d'Famill an d'Gemeinschaft***

*D'Crèche bitt och Raimlechkeete fir Elteren - fir Formatiounen, Versammlungen oder perséinlech Gespréicher. Sou kënne si vum éischten Dag un aktiv an den Alldag agebonne ginn a matverfollegen, wéi sech hiert Kand entwéckelt.*

*Mat dëser neier Crèche kritt eis Gemeng eng Plaz, wou d'Kanner hire Besoinen no, sécher an natierlech opwuessen, d'Natur erliewen a vill Fräiraum genéissen. Gläichzäiteg verbënnt d'Gemeng mat dësem Projet eng nohalteg Baukultur mat moderner Pädagogik a Liewensqualitéit fir eis Gemeng.*









*Les images présentées sont des simulations non contractuelles et peuvent faire l'objet de modifications ultérieures.
*Déi gewisen Illustratioune sinn net kontraktuell a kënne sech nach änneren.

# Une nouvelle crèche pour notre commune : un lieu pour grandir, découvrir et s'épanouir



*Les images présentées sont des simulations non contractuelles et peuvent faire l'objet de modifications ultérieures.
*Déi gewisen Illustratioune sinn net kontraktuell a kënne sech nach änneren.

La nouvelle crèche « Bei de Waldwiichtelcher » sera construite à Boevange-sur-Attert, directement en bordure de forêt. Elle est conçue pour accueillir jusqu'à 90 enfants âgés de 0 à 4 ans. Afin de limiter au maximum son impact sur l'environnement naturel, le bâtiment sera implanté légèrement en contrebas du niveau de la rue et s'intégrera harmonieusement dans la topographie du terrain. Sa conception volontairement basse respecte la perspective des tout-petits et, une fois achevée, la structure se fondra naturellement dans son environnement grâce à une végétation abondante.

**Découvrir, jouer, vivre**

Cette crèche offrira aux enfants un espace où ils pourront jouer librement, courir, explorer et également se retirer au calme. De grandes fenêtres relieront l'intérieur à la nature et offriront une vue directe sur la forêt, créant ainsi un sentiment simultané de liberté et de sécurité. Les espaces sont pensés avec des chemins courts et des zones centrales qui garantissent un quotidien structuré, serein et bien organisé.

Chaque groupe disposera d'une grande salle d'activité ainsi que de sa propre salle de repos. Les espaces sont visuellement connectés afin d'assurer un sentiment de sécurité aux enfants tout en permettant à l'équipe éducative de conserver une vue d'ensemble. L'architecture ouverte et lumineuse favorise l'éveil, la concentration et la créativité.

**Bien-être et environnement sain**

Le bâtiment privilégie des matériaux naturels : des surfaces en béton apparent, volontairement claires, alternent avec des revêtements en bois sur les murs et les plafonds. Pour les plus petits qui ne se déplacent pas encore, un revêtement de sol écologique est prévu. Des surfaces en feutre assureront également une acoustique agréable.

Le bâtiment est conçu sans barrières architecturales et garantit une accessibilité optimale. L'alimentation constitue un élément central du quotidien : dans la cuisine professionnelle, des repas frais seront préparés chaque jour, avec un accent particulier sur une alimentation saine, régionale et durable, intégrée au concept pédagogique.

**Une pédagogie axée sur la nature, l'éveil aux langues et le mouvement**

La forêt étant un voisin direct, elle sera activement intégrée au quotidien des enfants. Ceux-ci vivront le mouvement aussi bien à l'intérieur qu'à l'extérieur, découvriront la nature à travers l'exploration et le jeu. Les différentes langues feront partie intégrante de leur environnement, dans une approche naturelle, ludique et bienveillante. Il s'agira avant tout d'une première sensibilisation, vécue au quotidien à travers les échanges, les chansons et les jeux comme une ouverture douce et positive à la diversité linguistique. Les enfants disposeront également de temps dédié au calme, à l'imagination et au développement individuel, afin de grandir à leur rythme dans un cadre rassurant et stimulant.

Les espaces libres constitueront un prolongement naturel de l'intérieur, avec des structures de jeux, des bacs à sable et des coins plus tranquilles. Un espace phare sera la salle de motricité, qui s'étendra sur deux niveaux. Avec ses modules d'escalade, ses toboggans, ses balançoires et ses différents coins de jeux, elle offrira aux enfants de nombreuses possibilités de se dépenser et leur garantira beaucoup de sourires.

**Un lieu pour les familles et la communauté**

La crèche mettra également à disposition des espaces pour les parents, destinés à des formations, des réunions ou des entretiens individuels. Ils pourront ainsi être activement impliqués dès le premier jour dans la vie de la crèche et suivre de près l'évolution de leur enfant.

Avec cette nouvelle crèche, notre commune se dote d'un lieu où les enfants pourront grandir en toute sécurité, au plus près de leurs besoins, en contact avec la nature et dans un environnement stimulant. Ce projet associe une architecture durable à une pédagogie moderne et contribue à la qualité de vie de notre commune.